



Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 24/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministère fir Interieur, Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung & Landwirtschaft weiderzeleeden.

D'Umweltbundesamt an Däitschland recommandéiert, bei Schnéifall d'Stroossen net mat Salz ze streeën, mee op Sand oder Split ze setzen. Dëst well:

"Der Einsatz von Streusalz ist für Bäume und andere Pflanzen, Tiere, Gewässer, Fahrzeuge und Bauwerke (insbesondere Beton) sehr schädlich. Die Beseitigung oder Eindämmung der Schäden verursachen jährlich hohe Kosten."

Dësweidere kéint d'Salz laut Umweltbundesamt och zu Entzündungen un de Patte vun Déiere féieren. Och d'Associatioun Natur&Ëmwelt huet 2021 nach een Appell an dësem Sënn gemaach, fir d'Quantitéiten u Streusalz drastesch ze reduzéieren.

An deem Zesammenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Tonnen Streusalz goufen an deene leschten 3 Wantere genotzt?
2. Wéi vill Tonnen aner Streemëttel wéi Sand, Kiesel oder Granulat goufen an deene leschten 3 Wantere genotzt, fir eis Stroossen ze sécheren?
3. Wat fir Schrëtt gi geholl, fir beschtméiglech ze verhënneren, dass d'Salz mam Schmelzwaasser an eis Flëss a Baache leeft?
4. An de Froen n°3569 vun 2021 an n°1000 vun 2015 gëtt erkläert, dass keng schlecht Waasserqualitéit an eise Flëss duerch den Asaz vu Salz ka festgestallt ginn. Entsprécht dës Ausso vun der Ministesch nach ëmmer der Realitéit vun haut?
5. Wat fir Schrëtt gi geholl, fir Planzen a Beem nieft de Stroossen beschtméiglech virum Salz ze schützen?
6. Duerch d'Reduktioun vun hirem Liewensraum kommen och ëmmer méi wëll Déieren a Kontakt mam Streusalz op eise Stroossen. Wat fir eng Konsequenzen huet d'Streusalz op dës Déieren?



7. Wien ass responsabel am Fall wou een Déier duerch Streusalz verletzt gëtt a behandelt muss ginn?
8. Wéi ass d'Streeë vu Salz durch Privatpersounen op ëffentleche Stroossen an Trottoirë gereegelt? Wat fir eng Reegele mussen d'Leit hei respektéieren? A wien kontrolléiert dës Reegelen?
9. Ass geplangt an Zukunft nach méi op Alternative zum Streusalz ze setzen? Wa jo, kënnen d'Ministeschen hei konkret Pläng nennen? Wa nee, firwat net?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc

Député

